



► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Ech wëll drun erënneren, datt d'Gesetz iwwert d'Homo-Ehe, datt dat scho jorelaang schleeft weinst dem Widerstand vun der CSV. An dunn hunn ech mer gesot: „Ech sinn elo emol gespaant, wat de Rapporteur hei wäert an de Rapport schreiwen am Numm vun der Majoritéit, do wäert jo awer duerno eng geharnescht Kritik da kommen.“ An, Iwwerraschung: «La COFIBU a décidé de suivre l'avis du Conseil d'État à cet égard», an, haalt lech un: «la notion de famille pouvant varier notamment selon les cultures.».

► **Plusieurs voix**.- Ooh! Aah!

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Tja! Wat eng oppen, wat eng oppe Weltanschauung, déi hei op eemol zu Dag kënnt. An ech muss soen, Här President...

(*Interruptions diverses*)

► **M. le Président**.- Ech bieden lech, dem Här Bausch nach nozelauschteren.

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Ech muss soen, Här President, bei der CSV, do schéngt de Problem ze sinn, datt, wann et ëm d'Geld geet, d'Moral keng Roll méi spillt!

(*Hilarité*)

Dat heescht, da ginn déi ganz gesellschaftspolitesch Valeuren, déi normalerweis un den Dag geluecht ginn, fir vill Gesetzer, vill fortschrëttlech Gesetzer hei am Parlament ze blockéieren, da ginn déi, dann zielen déi net méi! An ech géif lech dofir opfuere, léif Kollegeinnen a Kollege vun der CSV, ech géif lech dofir opfuere: Hutt deen nämlechten État d'esprit endlech och bei anere gesellschaftspolitesche Reformen, datt mer déi hei am Parlament kënne stëmmen!

Merci.

► **M. le Président**.- Här Bausch, den Här Kartheiser wollt lech nach eng Fro stellen.

► **Une voix**.- Dat do war eng fir ënnert de Beemchen!

(*Hilarité*)

► **Une autre voix**.- E war scho besser.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Entschëllegt. Ech hunn dem Här Bausch seng Erklärungen mat Freed nogelauschtert...

► **M. Xavier Bettel** (*DP*).- Är Zäit ass eriwuer.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- ...an ech wollt den Här Bausch awer froen, hei geet et jo net nëmmen elo ëm d'Homosexuellebestiednis oder esou, mä ech mengen, de Statsrot hat jo och drop higewisen, datt Fäll vu legaler Polygamie an den Ursprongsländer vu esou Liewenssituatiounen och hei mat gëllen. Duerfir wollt ech den Här Bausch da froen, wéi déi gréng dann zu der Polygamie stinn.

Villmools Merci.

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Majo, Här Kartheiser, wësst Der, mir hunn domadder kee Problem. Wann dat ass, wéi et hei am Text, am Rapport zu Recht steet, datt et: «pouvant varier notamment selon les cultures», a wann et da Kulture gëtt, wou Polygamie, wou déi den Usus ass, dann hu mir domat kee Problem. Et ass net hei de Fall.

Mä mech erstaunt just, ech hat awer erwaart - éischters froen ech mech, a wat fir engem Numm Dir herno wäert schwätzen hei, well et schéngt jo e bësse Problemer bei lech ze ginn -, mä ech hätt mer awer erwaart, datt Dir hei géift op d'Tribün klammen, Här Kartheiser, Dir als oberste Vertrieeder vu sämtleche Sekten op der Welt, datt Dir...

(*Hilarité*)

...misst als Vertrieeder hei erauskommen an hei misst d'Wuert ergräifen an dozou Stellung huelen. Mech erstaunt, datt Dir mir déi dote Fro stellt amplaz heihinner schwätzen ze kommen.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Ma ech mengen, Dir sidd lech net logesch. Dir kritisiert...

► **M. le Président**.- Neen, mir maachen hei elo net en Dialog tëschent dem Här Bausch an dem Här Kartheiser! Elo kritt d'Wuert nach den Här Urbany.

(*Interruptions diverses*)

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Jo, Här President, ech muss soen...

(*Interruptions diverses*)

► **M. le Président**.- Ech bieden lech, dem Här Urbany nozelauschteren!

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Ech muss soen, ech sinn elo wierklech berouegt. Ech hat mer scho Suerge gemaach ëm d'Familljepolitik vun der Regierung. Ech hunn héieren, dass d'Kannergeld soll reduzéiert ginn, et ass schonn zum Deel reduzéiert ginn, dass et och nach an

Zukunft soll aus Spuergrënn reduzéiert ginn. An ech stellen elo fest, d'Regierung huet awer tatsächlech en Härz fir d'Familljen, wann et och nëmmen déi räich Famillje sinn, an hirer breeder Akzeptanz, wéi den Här Bausch jo hei gesot huet.

Ech kann awer, contrairement zu him, dat Gesetz hei net stëmmen, well dat hei ass alt erëm eng Kéier e Bewäis dofir, dass hei déi ganz räich Leit sollen zu Lëtzebuerg favoriséiert ginn au détrimen vun deenen aneren. Dat sinn déi „high net worth individuals“, wou d'Regierung drop setzt. Monaco-LSAP, Monaco-CSV...

(*Interruptions diverses*)

► **M. Lucien Lux** (*LSAP*).- ...geschwat, du waart Dir net hei!

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- ...Monaco-DP, fäerten ech leider och...

► **M. Lucien Lux** (*LSAP*).- Du waart Dir spadéieren, wéi et ëm de Mindestloun gaangen ass!

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Ech wäert also op jidde Fall géint deen Text hei stëmmen.

► **M. Lucien Lux** (*LSAP*).- Jo, gitt op d'Massendemonstratioun vun der Lénker.

► **M. le Président**.- Merci dem Här Urbany. An elo kritt d'Wuert den Här Finanzminister.

► **M. Luc Frieden**, *Ministre des Finances*.- Här President, ech weess net, u wat fir enger Debatte ech hei amgang sinn deelzehuelen. Hei geet et nämlech ëm en Deel vun der Wüestumsstrategie vu Lëtzebuerg a vun der Finanzplatz Lëtzebuerg, nämlech fir verschidden Aktivitéiten zu Lëtzebuerg unzesiedelen oder deenen, déi do sinn, dee richtege Kader ze ginn, fir datt se op eng professionell Aart a Weis kënne weidergemaach ginn. An dofir musse mer kucken, datt mer Clienten vun der ganzer Welt kréien, déi hei op eng professionell Aart a Weis sollen an hiren Investitionsentscheidungen an an der Gestiou vun hirem Liewe begleet ginn, do wou et ëm hir Avoire geet. Net méi an net manner!

Maache mer dat net, dann hu mer manner Aarbechtsplazen zu Lëtzebuerg. Maache mer et, hu mer méi Aarbechtsplazen zu Lëtzebuerg. Maache mer et net, hu mer manner Steuersuen zu Lëtzebuerg, déi mer kënnen ausgi fir Sozialpolitik an Infrastrukturen. Maache mer et, kréie mer méi Suen eran.

Also déi Iddi, datt een alles ka rejetéieren an herno awer gäre Suen ausdeelt, déi gëtt et net! An dofir soen ech deenen, déi hei geschwat hunn - éischters emol wollt ech dem Här Roth Merci so fir säi Rapport -, mä déi duerno geschwat hunn, déi hunn entweder de Sujet verpasst, well et geet net drëm hei, iwwer Definitioune aus dem Zivilrecht, et geet ëm eng professionell Aktivitéit op der Finanzplatz. An déi, déi dergéint sinn, wéi dee leschte Riedner, den Här Urbany, déi mussen och wëssen, datt, wa keng Sue méi an der Statskeess sinn a keng Aktivitéite méi do sinn, da gëtt et keng Aarbechtsplazen, da kann een och keng Sozialpolitik maachen.

D'Lëtzebuerger Regierung huet d'Kannergeld...

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- ...bezuelen ëmmer manner Suen.

► **M. Luc Frieden**, *Ministre des Finances*.- ...net gekierzt. Also wëll ech dee Saz hei nach eng Kéier och schäerfsten rejetéieren! Hei geet et drëm, datt mer och zu Lëtzebuerg an der Zukunft nei Aktivitéiten an nei Aarbechtsplaze wëlle kréien. Dofir ass et e positivt Gesetz, e Gesetz, wat der Wüestumsstrategie vun der Regierung fir d'Wirtschaft a fir d'Finanzplatz voll a ganz entsprécht.

Merci.

► **M. le Président**.- Merci dem Här Finanzminister. Domadder wär d'Diskussioun ofgeschloss, a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6366 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass ugeholl mat 57 Jo-Stëmmen, géint eng Neen-Stëmm an eng Enthaltung.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6366 est adopté par 58 voix pour et 1 voix contre.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emilie Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies (par M. Marcel Oberweis), Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes (par Mme Nancy

Arendt), MM. Marc Spautz (par Mme Martine Mergen), Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter (par Mme Christine Doerner);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schreiner;

MM. André Bauler (par M. Carlo Wagner), Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen et Fernand Kartheiser;

Jacques-Yves Henckes.

A voté non: M. Serge Urbany.

Wëllt ee seng Abstentioun begrënnen?

(*Négation*)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(*Assentiment*)

Dann ass dat esou décidéiert.

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 6397, eng Direktiv iwwert d'Kompetenz vun deene verschiddenen Autoritéiten européennes de surveillance. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht, an et huet sech bis elo just ageschriwwen: den Här Meisch.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Fernand Boden. Här Boden, Dir hutt d'Wuert.

3. 6397 - Projet de loi portant transposition de la directive 2010/78/UE du Parlement européen et du Conseil du 24 novembre 2010 modifiant les directives 98/26/CE, 2002/87/CE, 2003/6/CE, 2003/41/CE, 2003/71/CE, 2004/39/CE, 2004/109/CE, 2005/60/CE, 2006/48/CE, 2006/49/CE et 2009/65/CE en ce qui concerne les compétences de l'Autorité européenne de surveillance (Autorité bancaire européenne), l'Autorité européenne de surveillance (Autorité européenne des assurances et des pensions professionnelles) et l'Autorité européenne de surveillance (Autorité européenne des marchés financiers) et modifiant:

1. la loi modifiée du 6 décembre 1991 sur le secteur des assurances;

2. la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier;

3. la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier;

4. la loi modifiée du 22 mars 2004 relative à la titrisation;

5. la loi modifiée du 15 juin 2004 relative à la société d'investissement en capital à risque;

6. la loi modifiée du 10 juillet 2005 relative au prospectus pour valeurs mobilières;

7. la loi modifiée du 13 juillet 2005 relative aux institutions de retraite professionnelle sous forme de sepcav et assep;

8. la loi modifiée du 9 mai 2006 relative aux abus de marché;

9. la loi modifiée du 13 février 2007 relative aux fonds d'investissement spécialisés;

10. la loi modifiée du 13 juillet 2007 relative aux marchés d'instruments financiers;

11. la loi modifiée du 11 janvier 2008 relative aux obligations de transparence sur les émetteurs de valeurs mobilières;

12. la loi modifiée du 10 novembre 2009 relative aux services de paiement;

13. la loi du 17 décembre 2010 concernant les organismes de placement collectif

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Fernand Boden** (*CSV*), *rapporteur*.- Här President, léif Kollegeinnen a Kollegen, bei dem Gesetzesprojet handelt et sech och ëm e wichtegen, mä e ganz technesche Projet, deen 13 Gesetzer aus dem Finanzsektor ofännert. Duerfir ass et net méiglech, op déi eenzel Artikelen anzegoen. Dir kënnt dat awer am Detail a mengem schrëftleche Rapport noliesen. Ech wëll mech also drop beschränken, fir a ganz groussen Zich de Sënn an Zweck an och d'Hauptdispositiounen vum Gesetzesprojet duerzeleeën.

D'Finanzkris vum 2007 an 2008 huet kloergemaach, datt et grouss Mängel an der Iwwerwaachung vum Finanzsektor ginn huet. D'Kontroll- an d'Iwwerwachungssystemer waren national opgestallt an duerfir och ganz schnell an der Kris dépasséiert, weinst der europäescher, jo souguer weltwäiter Integratioun an Interconnexioun vun de Finanzmärkten. D'Kris huet gewisen, datt déi national kompetent Autoritéiten net gutt genuch zesummege schafft hunn, datt et u Koordinatioun an u Kohärenz an der Uwendung vun der europäescher Gesetzgebung gemangelt huet, a besonnesch och u géigesäitegem Vertrauen.

Déi macro-prudentiell Iwwerwaachung, déi war net gutt genuch, fir am Virfeld wirtschaftlech Risiken opzedecken, déi eng Gefor duergestallt hu fir de Finanz- a Bankesektor, wéi zum Beispill d'Immobilienbloß an Irland an a Spuenien. Och bei der micro-prudentieller Iwwerwaachung goufe geféierlech Risiken net erkannt, déi eenzel Finanzinstitute bei hiren Aktivitéiten agaange sinn, wéi zum Beispill am Fall vum Grupp Dexia.

Aus dese Grënn sinn déif gräifend Reformen an der Iwwerwachungsstruktur vum europäesche Finanzsektor an d'Wee geleet ginn, fir de Risiko an och fir d'Gravitéit vun zukünftege Finanzkrisen ze reduzéieren. Et ass en europäesche System vu finanzieller Iwwerwaachung, de sougenannten SESF geschaf ginn, deen niewent den nationalen Iwwerwachungsautoritéiten en europäesche Comité du risque systémique an och dräi nei Iwwerwachungsautoritéite begräift, eng fir de Bankesektor, eng fir den Assurancesektor an eng fir d'Finanzmärkten.

Dësen neien europäeschen Iwwerwachungs-system ass en integrierte Réseau vun europäeschen an nationalen Iwwerwachungsautoritéiten, wou déi alldieglech Kontroll weider um nationale Plang geschéie soll. D'Qualitéit an d'Kohärenz vun der nationaler Iwwerwaachung sollen awer verbessert ginn, d'Kontroll vun de groussen, grenzüberschreidende Gruppen, de Finanzkonglomerater, soll verstärkt ginn.

D'Schafung vun dësen neien Instanzen huet et néideg gemaach, fir verschidde sektoriell Direktiven iwwert d'Banken, d'Assurancen an d'Finanzmärkten unzepassen. Dat war den Objet vun der Direktiv 2010/78, der sougenannter „Omnibus-I-Direktiv“, déi eefle sektoriell europäesch Direktiven an deem Sënn ëmgeännert huet. De Gesetzesprojet 6397, iwwert dee mer haut ofstëmmen, huet als Zil, dës Omnibus-I-Direktiv vum 24. November 2010 a Lëtzebuerger Recht ëmzesetzen. Dës Ëmsetzung vun der Direktiv bedéngt d'Ëmännerung vun net manner wéi 13 bestehenden nationale Gesetzer, déi all am Intitulé vum Gesetzesprojet erëmmt sinn, esou datt ech se hei net nach eng Kéier opzelen.

Den Hauptobjekt vum Gesetz ass et, eise Commissariat aux Assurances an och eis Iwwerwachungskommissioun vum Finanzsektor, d'CSSF, amstand ze setzen, fir déi Fonctiounen an déi Aufgaben ze erfëllen, déi hinnen als Membre vum SESF, deem neien europäeschen Iwwerwachungs-system, zoufalen.

Ech wëll kuerz dann op d'Hauptdispositiounen vum Gesetzesprojet agoen. D'Direktiv, déi eliminéiert déi legal Obstakelen, wat den Informationsaustausch vun den nationalen Iwwerwachungsautoritéite mat deenen europäeschen an och mat dem Comité européen du risque systémique ubelaangt, a si schreift och d'Matdeelung vu bestëmmten Informatiounen un dës europäesch Instanze vir, fir dës an ze erméiglechen, hir Aufgabe kënne gutt ze erfëllen. Déi concernéiert Dispositiounen vun der Direktiv ginn an d'Gesetz vum 6. Dezember 1991 iwwert den Assurancesektor, an d'Loi organique vun der CSSF an och a verschidde Gesetzer iwwert de Finanzsektor ageschriwwen.



De Gesetzesprojet ännert och d'Lëtzebuerger Gesetzgebung esou of, datt de Commissariat aux Assurances an d'CSSF sech kënnen un déi europäesch Iwwerwaachungsautoritéite wenen, wa si Meenungsverschiddenheeten hu mat aneren nationalen Iwwerwaachungsinstanzen a Fäll, déi limitativ an de sektoriellen Direktiven opgeléscht sinn. Déi europäesch Iwwerwaachungsautoritéite kënnen och op Ufro vun enger vun de concernéierten Autoritéiten hëllefen, en Accord ze fannen. A wann dat net de Fall ass, sinn déi europäesch Autoritéite befugt, fir ze tranchéieren.

De Gesetzesprojet verstärkt och d'Kompetenz vum Commissariat aux Assurances a vun der CSSF, wat de Schutz vun den Notzer vun de Finanzdéngschtleeschungen ubelaangt. Eng vun den Aufgabe vun den europäeschen Autoritéiten ass et jo, fir d'Déposanten, d'Investisseuren, d'Assuréeen an déi u Pensiounsregimer Affiliéiert besser ze schützen. Duerfir ass et néideg, den nationalen Autoritéiten déi deementspriedend Pouvoiren ze ginn, fir datt si hire Bäitrag zu dëser wichteger Aufgab kënnen leeschten.

De Gesetzesprojet klärt dann och nach eng Rei vun technesche Punkten an de Gesetzter iwwert d'Finanzservicer. Et ginn esou zum Beispill d'Notiounen vun „capital social“, „fonds propres“ an „avoirs propres“ prezisiéiert. Et ass och virgesinn, déi Dispositionen, déi der CSSF de Pouvoir gëtt, Regele festzehalen iwwert d'Portée vum Revisiounsmandat an iwwert den Inhalt vum Revisiounsrapport vun de jährleche Kontabilitéitsdokumenter, erëm anzeféieren, esou wéi se bestanen huet virun den Ännerungen, déi d'Gesetz vum 18. Dezember 2009 iwwert de Beruff vum Auditeur bruecht huet.

Zum Schluss wëll ech festhalen, datt souwuel de Statsrot wéi och d'Chambre de Commerce an hiren Avisen de Gesetzesprojet guttheeschen an drop gehalen hunn ervirzesträichen, datt d'Auteure vum Gesetz eng ausgezechent Transpositioun vun der Direktiv gemaach hunn, wat an dësem Fall net ganz einfach war, an och, datt d'Direktiv nom Prinzip „toute la directive, rien que la directive“ emgesat ginn ass.

Ech wëll mech am Numm vun der Finanzkommission dësem Luef un d'Auteure vum Gesetz uschlëssen an Iech, léif Kolleegen, bieden, dësem Gesetzesprojet, esou wéi d'Kommission et virschléit, Ären Accord ze ginn. Ech wëll dat dann och direkt am Numm vun der CSV-Fraktioun maachen.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Rapporteur. Et ass kee Riedner méi ageschriwwen. Ech mengen, datt dat kloer war. De Finanzminister hält och net méi d'Wuert, esou datt mer direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi wäerte kommen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6397 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass ugehall mat 58 Jo-Stëmmen, géint eng Neen-Stëmm.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher (par Mme Nancy Arendt), Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies (par M. Jean-Paul Schaaf), Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes (par M. Félix Eischen), MM. Marc Spautz (par Mme Martine Mergen), Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter (par Mme Christine Doerner);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par M. Roger Negri), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schreiner;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Carlo Wagner), MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps (par M. Claude Meisch), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen et Fernand Kartheiser;

Jacques-Yves Henckes.

A voté non: M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(**Assentiment**)

Dann ass dat esou décidéiert.

Als nächste Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Moien hu mer eng Interpellatioun vum Här Serge Urbany iwwert d'Geschäftsrelatiounen tëscht Lëtzebuerg an dem Katar. D'Riedezäit ass hei nom Modell 1 festgeluecht, an et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Gloden, Etgen, Fayot a Bausch.

D'Wuert huet elo den Auteur vun der Interpellatioun, den Här Serge Urbany. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

4. Interpellation de M. Serge Urbany sur la nature des relations d'affaires entre le Grand-Duché de Luxembourg et l'Émirat du Qatar

Exposé

► **M. Serge Urbany** (déi Lénk), *interpellateur.* - Merci, Här President. Dës Interpellatioun hunn ech agereecht den 10. September dëst Joer an ech wollt do dra wëssen: Wat fir e Gesamtpak ass tëschent 2009 an 2011 mam Emiratu vu Katar, sengen Agencen oder Investitiounsfongen ausgehandelt ginn an deene verschiddene Secteure vun der Économie?

Ass et en Exklusivaccord ginn, wéi d'BIL vun engem katareschen Investitiounsfong zu engem bëllege Präis iwwerholl sollt ginn, obscho gläichzäitig d'Regierung d'„bad bank“ vun der Dexia deier huet musse garantéieren, fir d'BIL do erauszekréien? Sinn hannert dem Portage-Accord vun de Swiss-Aktien net vun Ufank un déiselwecht kataresch Autoritéiten oder Fonge gewiescht? Wat fir Konsequenzen hunn déi Operatiounen am Aviatiouns- a Bankesecteur, zum Beispill bei der Fusioun BIL-KBL? Wat huet d'Lëtzebuerger Économie dann eventuell vun deenen Operatiounen? Wéi ka Lëtzebuerg seng ekonomesch a politesch Onofhängegkeet behalen a wat fir finanziell an ekonomesch Mëttele bleiwe schlussendlech nach, wa mer se eent nom aneren dem Neoliberalismus opferen?

Dat ware meng Froen. Keng vun deene Froen, déi hei opgeworf ginn, ass bis haut, mengen ech, wierklech beäntwert ginn. Awer ech mengen, haut kann ee se besser verstoen, well Ulass vun där Interpellatioun waren éischt Detailer, déi an der auslännescher Press veröffentlecht gi si virun dräi Méint, vun der Zäitschrëft „L'Écho“, iwwert déi faméis Rees vum Trio Frieden, Wildgen a Prënz Guillaume am Februar 2011 op Doha.

D'Existenz vun där Rees ass an der Chambersitzung vum 15. Dezember dëst Joer vum Här Frieden mat folgender Wieder bestätegt ginn: „Net ech decidéieren, wien de Grand-Duc Héritier mathält op eng Rees. Ech hunn net den Här Wildgen gefrot. De Grand-Duc Héritier hat en a senger Delegatioun.“ En onübleche Virgank, muss ech soen, deen do geschilddert gëtt.

„L'Écho“ schreift vun «négociations hors du commun». „L'Écho“ huet dat schonn den 8. September geschriwwen. A wann een dat haut novollzitt, da gëtt et méi kloer och, firwat dat «négociations hors du commun» waren. „L'Écho“ schreift, d'Regierung hätt eleng decidéiert - dat steet do -, «contre toute considération économique» hätt si eleng d'Décisioun geholl. «Il n'y a pas eu de processus compétitif», heescht et am Artikel. An et steet och nach do: «Depuis le début, la famille royale Al Thani est l'unique interlocuteur de Dexia.»

D'Zeitung beschreift, wéi an där grousser Delegatioun, déi deemools eigentlech op Dubai, op Riad an op Beirut gereest ass, wéi an där Delegatioun indesch Interessente fir d'KBL-Bank matgereest sinn, déi näischt vum Trip vun deenen dräi op Doha woussten. En Trip, deen awer kuerz duerno zu hirer eegener Ausbootung bei der KBL sollt féieren.

Et geet och aus deem Artikel ervir, dee sech op zéng Sourcen no beim Dossier berëfft, dass et zu Doha och ëm d'BIL gaange wier. Konkret ëm 28 Milliarden Euro Aktiva, wéi déi Zeitung schreift, aus dem Katar, eng gigantesch Zomm also, déi an de Coffre vun der BIL zu Lëtzebuerg anscheinend zu där Zäit louchen.

D'Zeitung schildert och, wéi de Katar «seul en course» war, wéi d'Dexia am September 2011 an d'Labrante geroden ass an d'BIL kuerzfristeg huet verkafen. A si schildert, wéi den «ami de longue date» vum Finanzminister, den «Monsieur Qatar», wéi si en nennt, den Albert Wildgen, un d'Front gaangen ass a gläichzäitig an anere Frënd vum Minister, den Här François Pauly, wéi duerch Zoufall BIL-Direkter ginn ass den 11. September dëst Joer.

Am „L'Écho“ stoung och schonn am September ze liesen, wéi bei der Cargolux alles géif a Fro gestallt ginn, wirtschaftlech a sozial. Si schreift: «Et l'État montre peu de résistance pour ne pas énerver les Qataris dans les autres dossiers.»

Mä d'Passivitéit vun der Regierung ass mëttlerweil och aus anere Quelle bekannt ginn. Ugekënnegt gouf och deemools schonn en «véritable bain de sang social», wéi d'Zeitung schreift, duerch eng Fusioun tëschent BIL a KBL.

D'Regierung huet an dësem Dossier keng Informatiounen fräiwëlleg erausginn. Dat muss een och soen. Au contraire huet awer d'Press hir investigativ Roll hei voll gespillt, an ech mengen, et kann ee wierklech frou a stolz sinn, dass mer zu Lëtzebuerg esou eng Press hunn, déi déi Roll hei an der Opdeckung vun de wierklechen Hannergrënn vun deem ganze Katar-Deal gespillt huet.

An der Zwëschenzäit, zënter dass ech d'Interpellatioun agereecht hunn, sinn eng ganz Partei weider Saachen nach bekannt ginn aus Presseveröffentlechungen. Ënner anerem, dass den Albert Wildgen, deen deeselwechten Dag als Cargolux-President demissionéiert huet, wou den Här Al Baker de Réckzuch vun dem Katar aus der Cargolux matgedeelt huet, deen awer och nach haut am KBL-Verwaltungsrot sëtz, dass deeselwechten Albert Wildgen zënter Joren «l'homme de confiance au Luxembourg de la famille royale Al Thani» ass, wéi den „Paper-Jam“, wat jo awer eng Patronszeitung ass, geschriwwen huet.

(**Interruption**)

Et gouf och veröffentlecht, dass et scho virum Portage-Accord Enn 2009, wou Lëtzebuerg jo d'Aktien aus der Swissair-Faillite iwwerholl huet, dass et also scho virum Portage-Accord en Accord mat dem Katar ginn ass. Eng Saach, déi ech an aner Leit ëmmer behaapt hunn. Sou hat den Deputéierten André Hoffmann eng Fro den 9. Mee 2011 gestallt an deem Kontext a krut als Äntwert vum deemolege Wirtschaftsminister: «L'honorable Député se trompe cependant s'il pense qu'à ce moment il y aurait eu...», also bei der Reprise vun den Aktien, «...qu'à ce moment il y aurait eu une quelconque convention ou autre arrangement avec Qatar Airways ou une autre compagnie aérienne, voire un autre investisseur potentiel.»

Ech froe mech do: Wousst den Här Krecké net Bescheid, dee Moment, wéi en op déi Fro geäntwert huet? Oder ass vläicht dee Préaccord, vun deem d'Existenz awer an der Zwëschenzäit bekannt ass, ass dee Préaccord direkt vläicht mat dem Katar, mam Stat vun dem Katar getrafft ginn? Also net mat senger Fluchgesellschaft oder engem Investitiounsfong, wat jo an där Äntwert bestridde ginn ass. War et also eng Äntwert par omission, e Mensonge par omission eventuell, deen do geschitt ass?

Fest steet awer, dass et esou en Accord ginn ass, an ech wëll wëssen: Wien huet dee Préaccord mat dem Katar, scho ganz fréi, schonn 2009, ier iwwerhaupt emol d'Swissair-Aktien opkaf gi sinn, op Lëtzebuerger Säit ënnerschriwwen?

Bekannt ginn ass och an der Zwëschenzäit, dass d'Verhandlungen duerno, no deem Accord mat dem Katar, déi ënnert dem Codenumm „Desert storm“ - Wüstestuerm - gelaf sinn, dass déi Verhandlung gescheitert sinn. Ënner anerem, well schonn deemools verlaangt gouf, dass d'Cargolux-Fligere missten duerch Katar-Fligere ersat ginn, well deemools och scho verlaangt ginn ass, dass Deeler vum Personal sollt beschäftegt ginn iwwer kataresch Gesellschaften, well deemools scho geplangt war, d'Aarbechtsbedéngunge bei der Cargolux ze flexibiliséieren an och den Undeel vun dem Katar un den Aktien iwwer 35% eraus ze héien.

Wann dat alles stëmmt, da war den Här Frieden informéiert iwwert dat alles, wéi en am Januar 2011 mam Här Wildgen a mam Grand-Duc Héritier op Doha gereest ass an do verhandelt huet, an trotzdem en dat alles wousst, wat vu wirtschaftlechen a soziale Konsequenzen duerch esou en Handel mat dem Katar géif op Lëtzebuerg an op de Findel zoukommen, huet en awer ënnerschriwwen. En huet en „Memorandum of understanding“ deemools ënnerschriwwen, deen och den Här Wiseler ënnerschriwwen huet an an deem Katar eng ganz Rei Rechter zougestane gi sinn, déi eigentlech déi si vun engem majoritären Aktionär, net vun engem minoritären Aktionär, deen nëmme 35% vun de Parten huet.

Mir hunn dee Vertrag virleien. Doranner kritt de Katar d'Recht zougestanen, d'Direkteren ze bestëmmen, d'Strategie ze bestëmmen vun der Cargolux, d'Fligere erauszesechen an d'Fligere och ze finanzéieren. Dass d'Aktien, wéi do och festgehalde ginn ass, bis op 49% vum Kapital konnte steige fir de Katar, do ass ëmmer ge-

sot ginn, dat wier eng Schutzmoossnam a Wierklechkeet, et wier eng Garantie, dass se net méi wéi 49% kéinte steigen. Woubäi een awer muss soen, wa se méi geklomme wieren, da wier d'Cargolux keng Lëtzebuerger Gesellschaft méi no europäeschem Recht gewiescht. Also hat de Katar iwwerhaupt keen Interessi drun, dass se iwwer 49% gestiege wieren.

Et ass also guer net dorëms gaangen! Deen Undeel vun 49%, dat geet aus all deene Révélatiounen ervir, déi mer an der Zwëschenzäit kennen, war vun Ufank un ugestriift. An déi Rechter, déi am „Memorandum of understanding“ a wahrscheinlech och an deem Aktionärsvertrag fir de Katar ausgehandelt gi sinn, déi waren a Wierklechkeet schonn déi vun engem Aktionär, deen e wesentlechen Afloss sollt hunn, wann net den entscheidenden a bestëmmenden Afloss sollt hunn iwwert d'Cargolux.

Et ass och bekannt ginn an der Zwëschenzäit, dass privat Aktionäre bevirdeelegt gi sinn an deem ganzen Handel par rapport zu öffentlechen Aktionären, dorënner den Investitiounsfong BIP, wou dee Moment den Här Pauly, elo BIL-Direkter, mat dru bedeelegt war, führend mat dru bedeelegt war.

An ech fannen et ëmmer nach net normal, déi Bevirdeelegung do, déi och an engem Deel vun der Press kritiséiert ginn ass, well Aides de l'État zwar op europäeschem Niveau unerkannt ginn, wa se derzou dëngen, fir ekonomesch Restrukturiséierungen ze finanzéieren, awer sécher net unerkannt géife ginn, wann et drëms geet, den Austrëtt aus enger Gesellschaft och nach finanziell ze belounen.

Mir wëssen och mëttlerweil, dass schonn 2009, also sécher beim Gespréich zu Doha, vun der Regierung gewousst war, dass d'Dexia géif d'BIL verkafen. D'Kris vum September 2009 vun der Dexia war also sécher net, wéi den Här Frieden ëmmer gesot huet, eleng den Ausléiser vum iwwerstierzte Verkauf un de Katar, mä wahrscheinlech eng laang ausgehandelt a geplangten Operatioun, un där och nach den Här Pauly op eng Aart a Weis bedeelegt war, déi, mengen ech, nach muss opgeklärt ginn.

Mir wëssen och, dass d'KBL scho bei der Doha-Rees am Februar 2011 am Gespréich war a kuerz duerno d'CSSF, also d'Kontrollinstanz vum Bankesecteur, eng aner Demande vun engem Repreneur ofgelehnt huet an dass deeselwechten Dag vun där Oflehnung Ännerunge virgeholl gi sinn an de Statute vum Investitiounsfong, deen de Premierminister vum Katar Al Thani hei zu Lëtzebuerg hat an nach huet an deem herno d'BIL iwwerholl huet.

Et deet mer leed, Här President, mä dat alles zesumme kann eis net méi gleewen dinn, dass et keen Zesammenhang soll ginn tëschent der Cargolux, der BIL, der KBL a vläicht nach anere Geschäfte zu Lëtzebuerg. Dofir gëtt et einfach ze vill Coïncidences an ze vill perséinlech Verstréckungen an deem Dossier hei.

Ech sinn der Meenung, dass den Här Frieden, awer och den Här Wiseler, deen haut net do ass, sech rechtfertige mussen, méi wéi se dat bis elo gemaach hunn, an endlech konkret Äntwerten op déi Froe ginn, déi a menger Interpellatioun an duerno och nach a virdrun och schonn an der Press opgeworf gi sinn, an déi ech hei nëmme résuméiert hunn. Ech ka se jo net selwer nokontrolléieren an novollzéien. Mä op jidde Fall si se geäussert ginn, a si loosse awer drop schlëssen, dass do méi dohannert ass, wéi eis bis elo gesot ginn ass.

Ech sinn och der Meenung, dass d'Regierung muss en Timing, e millimetergenauen Timing - wann ech géif schwätze wéi de Premierminister - misst virleee vun den Négociatiounen a vun den Ofmaachungen, déi tëschent dem Katar a Lëtzebuerg stattfonnt hunn.

Déi Bedeelegt och op deene verschiddenen Niveauen, d'Direktere vun deene staatleche Betriber, déi involvéiert waren, wéi dat och eng Kéier an der Kommission versprach gi war, sollen, mengen ech, vun der Chamber, vun deenen zoustännege Chamberskommissionen gehéiert ginn, an ech wäert och dozou d'Initiativ ergräifen.

Et muss och gekläert ginn, wat den Hannergrond vun deem regelrechte Statsdeal - well dat ass et offensichtlech mat dem Katar - war. War et da wierklech esou, dass hei e strategesche Partner gesicht ginn ass, fir als „trojanesch Päerd“ - wéi eng Zeitung geschriwwen huet - dem Här Frieden seng rabiat wirtschaftlech a sozial Vuen zu Lëtzebuerg duerzusetzen an emol endlech opzemëschen zu Lëtzebuerg? Dat ass eng Fro, déi opgeworf ginn ass.

(**Interruption**)

Ech kéint mer virstellen, dass d'Äntwert dorop relativ kloer ass, mä ech weess awer net, ob déi Äntwert elo hei offe gesot gëtt.

Här President, ech weess net, ob dëst Parlament elo nach eng weider Untersuchungskom-